

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 31. Mee 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

De *coding* gouf am September 2020 am 4. Zyklus vum Enseignement fondamental agefouert. Fir d'Rentrée am September dëst Joer gëtt dat neit Fach op déi aner Zyklen vum Fondamental ausgedeeent.

Den 18. Mee 2021 huet de Schoulminister dat neit Unterrechtsfach *Digital sciences* virgestallt, dat an den ënneschte Klasse vum Secondaire classique a général agefouert wäert ginn. 18 Lycéeën gi mam "gudde Beispill" vir an enseignéieren dëst Fach op 7^e vun der nächster Rentrée am September un. Bis 2024/25 soll dëst Fach an alle Lycéeën vum Land op 7^e, 6^e, 5^e an op de Virbereedungsklassen enseignéiert ginn.

An dësem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Schoulminister:

- 1) Wann een neit Fach an der Schoul agefouert gëtt, da geet dat zwangsleefeg op Käschte vun engem anere Fach an/oder aneren Inhalter, well d'Unterrechtsstonne jo begrenzt sinn. Op Käschte vu wéi enge Fächer an/oder Inhalter geet an der Primärschoul d'Afëiere vum *coding*?
- 2) Op Käschte vu wéi enge Fächer an/oder Inhalter geet an den Lycéeën d'Afëiere vum Fach *Digital sciences*?
- 3) Ginn d'Lycéeën vum Ministär gezwongen, fir vun 2024 un den *Digital-sciences*-Unterrecht anzefëieren?
- 4) De Ministär deelt mat: "*Afin de lutter contre les inégalités qui persistent en matière d'accès au digital, le même cours sera dispensé dans les deux ordres d'enseignement - classique et général.*" Et ginn deelweis ganz grouss Leeschtungsënnerscheeder tëscht Classique a Général. Wëll de Ministär sech an dësem Zesammenhank, wat den Niveau ugeet, éischer a Richtung Classique oder Général beweegen?
- 5) Ass den Här Minister der Meenung, dass een "Ongläichheeten" domat bekämpfe kann a soll, dass een den Niveau vun deene méi performante Schüler erofschrauft?

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, appearing to read 'Fred Keup', written in a cursive style.

Fred Keup
Deputéierten